

Stellungnahm zum eenzege Punkt um OJ vum öffentlechen Gemengerot vum 20. Juli 2018:

„Décision d'autoriser le collège échevinal d'ester en justice contre le projet de loi no 7284 relatif à l'aménagement du contournement routier de Bascharage“

Et ass fir déi gréng Suessem sécherlech keen einfachen Exercice fir d'Gesondheet an d'Liewensqualität vum de Suessemer an de Käerjenger Bierger géint e Agrëff an eng Naturschutzzone ofzeweien.

Zënter hirer Grënnung virun 35 Joer setzen déi gréng sech an, fir datt manner Stroosse solle gebaut ginn an och just dann, wann et noutwänneg ass.

D'Gesondheet vum Mënsch ass fir eis Gréng awer esou eng Noutwändegkeet, besonnesch dann, wann se wéi zu Käerjeng an duebelem Mooss a Gefor ass;

1. duerch NO_x-Wäerter, déi och leschte Miessungen no, an den éischte 6 ½ Méint vum 2018 net erof gaange sinn, mee éischer erop an déi an der Moyenne mat 44,1 microgr/m³ e gutt Stéck iwwert dem zoulässegen Grenzwäert (vun 40 microgr/m³) leien;
2. duerch de iwwerméissegem Trafik an de ville Kaméidi, déi e permanente Stressfaktor an eng grouss psychesch Belaaschtung fir d'Awunner bedeuten an op laang Dauer och krank maachen.

De Gemengerot vu Suessem huet an de leschte Joren eng sëllege Propose gemaach, wéi een d'Verkéiserssituatioun an der Nopeschgemeng verbessern an d'Ofgasbelaaschtung reduzéiere kann. Déi gréng freeën sech, datt eng ganz Partie vun de proposéierte Mesuren, ewéi intelligent Luuchten, eng Priorisatioun vun de Bussen oder och nach nei Velosweeër, elo schon an der Planung sin. An awer soen d'Zukunftsmodeller, datt dat net wäert duergoen, fir NO_x-Wäerter ënnert den zoulässegen Héichstwert ze kréien.

Där Meenung si wuel och zumindest 96,5% vun de Volleksverrieder déi um Vott an der Chamber deelgeholl hunn a fir de Käerjenger Contournement gestëmmt hunn.

Déi gréng Suessem respektéieren dësen demokratesche Vott an der Chamber a schwätzen sech géint weider juristesche Schrëtt vum eisem Suessemer Gemengerot äus.

Mär sollten elo all eis Energie doranner setzen, fir sécher ze stellen, datt esou vill wéi méiglech vun de Kompensatiounmoossnahmen, déi gesetzlech virgesi sinn an doriwwer eräus, op Suessemer Säit realiséiert ginn an dat net nëmmen a quantitativer, mee och a qualitativer Hinsicht, wéi z.B. duerch nei Trëppel- a Velosweeër am Kader vun engem integrierten Noerhuelungskonzept.